

REÇU
Par Aiff Christian, 13:31, 03/09/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Op der ganzer Welt liewe ronn 7,7 Milliarde Mënschen. Am Fall, wou ee Medikament an/oder een Impfstoff géint de Coronavirus homologéiert géif ginn an op de Maart géif kommen, stellt sech natierlech uschléissend d'Fro vun der Produktioun an der Verdeelung vum genannte Medikament, respektiv, Impfstoff.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Ass am Hibleck op d'Produktioun a Verdeelung vun engem COVID-Impfstoff an/oder -Medikament bis dato schonn eng Prozedur an/oder Reegelung virgesinn, wéi dësen Impfstoff, respektiv, dëst Medikament, weltwäit ënnert d'Leit soll kommen?
2. Ginn am uewe genannte Fall méi Konsorten domat beoptraagt, de COVID-Impfstoff, respektiv, d'Medikament géint de COVID ze produzéieren an ze verdeelen?
3. Wéi gesäit an deem Kontext konkret d'Situatioun am Hibleck op Lëtzebuerg aus, wat d'Ausliwwere vun esou engem Medikament, respektiv, Impfstoff, géif ugoen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Affl Christian, 15:17, 07/10/2020

Luxembourg, le 6 octobre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire n° 2756 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2756 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le "Vaccin contre la Covid-19".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2756 du 2 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le "Vaccin contre la Covid-19".

Zesummen mat der « Global Alliance for Vaccines and Immunization » (GAVI) an dem CEPI (Coalition pour les innovations en matière de préparation aux épidémies) huet d'Weltgesundheitsorganisatioun (WHO) de sougenannten COVAX-Mechanisme entwéckelt deen et erméigleche soll e breet opgestallte Portefeuille vu potentiellen Impfstoff-Produzenten festzehalen an domadder eng weltwäit sécher, efficace an équitabel Impfméiglechkeet unzebidden. D'COVAX-Facilitéit wëll bis Enn 2020 Fongen an der Héicht vun 2 Milliarden Dollars zesumme kréien fir datt all Land, onofhängeg vu senge finanzielle Méiglechkeeten, e Kontingent un Impfstoffer kréie kann.

Am Moment ginn et weltwäit eng 169 Kandidaten déi dobäi sinn en COVID-Impfstoff ze entwéckelen, 26 dovunner sinn och schonn an der Phase ukomm wou den Impfstoff um Mënsch getest gëtt. D'WHO schafft an enker Zesummenaarbecht mat Wëssenschaftler, Gesellschaften an internationalen Gesondheitsorganisatiounen iwwert den "Access to COVID-19 Tools (ACT) Accelerator¹". Den ACT ass eng global Collaboratioun fir d'Entwécklung, d'Produktioun, an e gerechten Zougang zu den Tester, den Traitementer and den Impfungen z'accéléreieren. Wéi uewen mentionéiert soll d'COVAX-Facilitéit déi vun der Weltgesundheitsorganisatioun, dem CEPI an dem GAVI pilotéiert gëtt eng équitabel Verdeelung vum Impfstoff garantéieren.

All dës Impfstoffer sinn an enger méi oder wéineger wäit entwéckelter Testphase a gesinn en Administratiounschema vun zwou Injektione vir. D'Memberstaaten wäerten op Gronn vun engem Portefeuille un disponibelen Impfstoffer entscheede kënnen wat fir eng Impfstoffer am beschten zu hirer nationaler Teststrategie passen an wat fir eng si an hirem Land accessibel maache wëllen.

Déi europäesch Medikamentenagence wäert déi verschidden Impfstoffer op hir Qualitéit, Sécherheet an Efficaciteit teste mussen. Eréischt wann dës Konditiounen alleguerten erfëllt sinn wäert eng Autorisation de mise sur le marché um europäesche Niveau vun der EU-Kommissioun ausgestellt kënne ginn an den Impfstoff kommerzialiséiert kënne ginn.

Den 21. September 2020 huet d'Weltgesundheitsorganisatioun de Länner aus der Europa-Regioun nogeluecht e nationale Plang fir den Déploiement an der Organisatioun vun der Impfung géint COVID-19 virzebereeden. En dédiéierten Aarbechtsgrupp ass domat vum Gesondheitsministère beoptraagt ginn.

Parallel dozou huet d'Europäesch Kommissioun sech engagéiert bannent 12 bis 18 Méint e sécheren, efficace an abordabele Vaccin fir all EU-Bierger sécherzestellen. D'Europäesch Kommissioun ass am gaangen, zesummen mat den eenzelnen Memberstaaten, mat verschiddenen Impfstoff-Produzenten sougenannten "Contrats d'achats anticipés" auszuhandelen déi et erméiglechen, eng gewëssen Unzuel vun Impfstoff-Dosen vu verschiddene Produzenten ze reservéieren an anzekafen wann en Impfstoff bis disponibel ass.

D'Verdeelungen vun den Impfstoff-Dosen, wann se bis disponibel sinn, wäert nom Prinzip vun engem Prorata vun der Awunnerzuel vun de verschiddene Memberstaaten gemaach ginn. Soumat wäert fir Lëtzebuerg automatesch e Prorata vun 0.14 % vun der globaler Commande séchergestallt ginn. Wann dat néideg ass, ka Lëtzebuerg nach ëmmer zousätzlech Dosen iwwer d'EU-Kommissioun bestellen.

¹ <https://www.who.int/initiatives/act-accelerator>